

Das Ei des Andrew Bird

(cm) - "Nicht so üppig wie Rufus Wainwright, nicht so zerbrechlich und depressiv wie Elliott Smith, nicht so sparsam wie Jack Johnson und nicht so tot wie Jeff Buckley", schrieb ein Kritiker auf Amazon.de über Andrew Birds CD ***"The Mysterious Production of Eggs"***. Damit wäre alles gesagt und doch nichts verraten. Eins ist sicher: Bird ist ein ganz Großer, einer von den Songwritern, die einfachste Melodien in atemberaubende Songs verwandeln und dabei nie abgegriffen klingen. Seine Stimme ist kantig genug, damit die ZuhörerInnen aufhorchen. Trotz tieftrauriger Lyrik darf hin und wieder gegrinst werden. Darüber hinaus ist Bird auch noch so etwas wie ein musikalisches Genie, spielt fast alle Instrumente selbst und hat sich zu dem sehr anspruchsvolle Streicherarrangements ausgedacht, die Titel wie "Fake Palindromes" besonders adeln. Ein bisschen Zeit ist nötig, bis die Musik ins Ohr geht, aber wer sich auf dieses Album einlässt, für den/die gibt's zum Dank ganz viel zu entdecken.

Andrew Bird, The Mysterious Production of Eggs, Fargo Records, 2005.



Schwingt eure Hüften

(cm) - Als Live-Band haben sich die Convertibles hier zu Lande mittlerweile einen beachtlichen Ruf eingespielt. Wo auch immer das Quintett um Sänger Ralf "Alvis" Haas auftaucht, ist Stimmung angesagt. Rock'n'Roll-Klassiker in traditioneller Manier gespielt und mit Mut zum Klischee dargeboten. Keine falsche Scheu vor Glitzerhemden und blank polierten Schuhen. Jetzt gibt es unter dem Titel ***"Rock'n'Roll delux"*** den Nostalgie-Trip auch zum Mitnehmen. 21 Songs sind auf dem Album, darunter zwei eigene Kompositionen "Bad Cat" und "Cripple Rock", das bereits in Andy Bauschs "La Revanche" zu hören war. So schmissig wie auf der Bühne kommt das Ganze auf CD leider nicht herüber. Das liegt vor allem an der Produktion, die stellenweise ein wenig glatt geraten ist. Haas beeindruckt durch natürlichen Schmelz in der Stimme, forciert aber hie und da zu sehr. Schade, dass die Fünf nicht mehr Live-Atmosphäre auf die Scheibe gepackt haben.

The Convertibles, Rock'n'Roll delux, 2005, 18 €.
www.convertibles.lu



Ça plane pour moi

(cm) - Dj Sermeq heißt mit bürgerlichem Namen Claude Michels und teilt sich mit Unki Unkelhäusser das Mikrofon in der Sendung "Bloe Baaschtert" auf Radio Ara. Dort sorgt er dafür, dass einheimische Produktionen jeder Couleur über den Äther laufen. Selbst bleibt er jedoch lieber unerkannt. Mit seiner ersten Solo-Platte "Smoke_over_Ground" beweist er Mut zum Eklektizismus. Ausladende Ambient-Stücke wie "From Greenland" stehen neben Titeln wie "The Way Down" mit seinen hämmernden Techno-Beats. Auch wenn der Trend in der Elektro-Szene derzeit eher in Richtung Minimalismus zu gehen scheint, so scheut DJ Sermeq nicht vor opulenten Synthie-Arrangements zurück, die stellenweise durch sehr kalte Klangfarben irritieren. Manch eineR hätte sich vielleicht ein organischeres Gewand gewünscht, aber die eisigen Sounds passen immerhin zum ansprechenden, spartanischen grafischen Konzept.

DJ Sermeq, Smoke_over_Ground, 2004.

JAZZ

"Et soll e bësse sténken"

Wéivill Jazzerte passen op eng Bänk? Georges Urwald (Piano), Al Lenners (Batterie), John Schlammes (Bass) a Jitz Jeitz (Klarinett a Saxofon).

Et richt no Jazz: De Quartett Garlicks mam Jitz Jeitz, Al Lenners, John Schlammes a Georges Urwald stellt säin neien CD "Cold Rain" vir.

Cold Rain" ass fir 20 € ze kréien an de Plakkebuttéker an op www.garlicks.lu

woxx: ***Et gëtt Garlicks lo zënter siwe Joer. "Cold Rain" ass ären drëtten CD. Wéi hutt dir iech zënter dem Viirgänger "Mosaiamo" entwéckelt?***

Al Lenners: Anescht wéi bei der leschter Opnahm si mir des Kéier mat Stécker an de Studio gaang, déi net schonn am Virfeld duercharrangéiert waren. De Georges (Urwald) huet eis Theme virginn an déi hu mir zesumme verschafft. An da ginn et op der CD och nach smsen, dat heescht spontaneous miniature song. Dat war eng Iddi vum Jitz (Jeitz) an dat sinn am Fong Improvisatiounen, déi zesummen am Studio entstane sinn.

Jitz Jeitz: D'Thema stung, an och, ween wou däerf spillen, a wat fir eng Dynamik d'Stéck soll hunn, mee doriwwer eraus hu mer eis am Studio iwwerrasche gelooss.

John Schlammes: Um Enn hate mer vun all Stéck dräi oder véier Versiounen, an da muss ee probéieren sech eens ze ginn, wat fir eng Opnahm op d'CD kënnt.

J.J.: An et ass deen, deen am haartste schwätzt dee sech duerchsetzt ...

Kënnt do keng Frustratioun op, wann ee sech muss entscheeden?

A.L.: Ech gesinn dat net als Frustratioun. Beim Jazz ass et eben anescht wéi bei Pop-Stécker, déi een eng Kéier festhält an déi dann ëmmer d'selwecht gespillt ginn. Dat ass vill méi langweileg.

J.S.: Et muss ee sech bewosst sinn, dass et nëmme Momentopnahme sinn. Soubal's de op der Bühn stees a live spills, ass alles schonn erëm anescht.

Är CD klengt ganz organesch, ganz no bäi. Wéi hutt dir äre Sound fonnt?

J.J.: De Studio huet ganz vill dozou bäigedroen. De Loft Studio zu Köln ass spezialiséiert op d'Live-Ophuele vun akkusteschem Jazz. Dat heescht, dass mir alles zesummen agespillt hunn a bal näischt méi dono nach noverschafft gouf.

A.L.: Ausser beim Stéck "Cold Rain", wou mer nach Effekter agesat hunn.

J.S.: Et ass e ganz gemittleche Studio mat enger idealer Atmosphär fir roueg a relax ze spillen.

Engersäits gëtt et bei iech eng Besënnung zeréck op ee méi ursprüngleche Sound an anerersäits spillt dir ganz vill mat den traditionelle Strukturen. Ass dat kee Widdersproch?

J.J.: Ech géif net vun 'zeréck' schwätzen. Et ass kee Réckschrëtt. Mir hunn einfach d'Ambitioun, d'Musek esou opzehuelen wéi se ass, ouni ze probéieren, alles ze glätten. Och wa mol eppes méi rau kléngt, dat gehéiert einfach dozou.

J.S.: Et soll e bësse sténken.

A.L.: Mir kënnen eis duerch eis beruflech Situatioun de Luxus leeschten, keng Kompromësser anzegoen. Mir mussen net kommerziell sinn.

Wat fir eng Viirstellungen hat dir, wou dir d'Garlicks gegrënnt hutt?

J.J.: Mir hunn eis ni wierklech definéiert oder eis vill de Kapp zerbrach doriwwer, wou mer hiwéilten.

J.S.: Du entdecks och fir dech ëmmer nei Saachen, déi dech beaflossen. Mir waren op engem Concert vum Jean-Michel Pilc, an deen huet ganz geckeg Saache gemaach. Mir souzen zu véier an der eischter Réi an hunn eis gesot 'Ah, dat do däerf een?!' Da gëtt der bewosst, dass du och mol einfach kanns an däin Instrument draflätschen. Op engem Concert vun eis war ee Spectateur ganz beandrockt doriwwer, dass mir eis Lidder bewosst zerflätschen.

J.J.: Dat Spannend un där Musek, déi mer spillen, ass, dass du vun enger gemeinsamer Basis ausgeess, dech matzendran och mol kanns verléieren an herno muss probéieren, dech erëmzefannen, wanns de am Brulli hänks. Free-Jazz, wou jiddwereen einfach drop lass spillt, dat ass langweileg fir jiddwereen. Déi Stréimung war eng Zäit ganz wichteg, mee déi Musek ass haut vereelst. Och Fräiheet brauch e gewësse Kader.

Bei iech ass et haaptsächlech de Georges Urwald, deen d'Stécker schreift. War déi Rolleverdeelung vun Ufank u kloer?

J.J.: Et muss een einfach soen, dass Pianisten am Allgemenge méi intelligent sinn wéi déi aner Leit. Du bass einfach besser!

Georges Urwald: Mir hunn och scho probéiert, zu véier Ideeën auszeschaffen, mee dat dauert vill méi laang.

A.L.: An du bass ni sécher, ob dono och eppes derbäi erauskënnt oder ob's du dech ënnerwee verdruddels.

Dir hutt och scho vill ausserhalb vu Lëtzebuerg gespillt, um Gaume-Jazz Festival an der Belsch zum Beispill, oder an de Vereenegte Staaten. Si Garlicks e gudden Export-Artikel?

J.J.: Et muss ee soen, dass et ganz schwéier ass fir an der internationaler Jazz-Zeen Fouss ze faassen. Déi Musek funktionéiert ganz staark mat Individuen, déi ëmmer an anere Besetzunge spillen. Mir si schonn aussergewéinlech an deem Sënn, dass mir als feste Quartett optrieden.

G.U.: Mir hunn och den Nodeel, dass mir eben einfach moies fréi rëm mussen op eiser Aarbecht sinn.

J.J.: Jo, wanns du dir an der Belsch wëlls en Numm maachen, dann tours du fir d'éischt mol duerch all déi kleng Caféen, ees sech e Label fir dech interesséiert an s'de fir méi grouss Festivale gefrot gëss.

J.S.: An da mëss de och niewebäi soss näischt méi ...

A.L.: Mir hunn och einfach keng Loscht, fir fir en Apel an e Stéck Brout d'Café-Bistrot-Zeen ofzeklabberen.

J.J.: Et ass souguer zu Lëtzebuerg net einfach, fir Concerten ze kréien. Enner anerem och well et kee richtegen Jazz-Club gëtt. Mir gi vill gefrot fir Cocktail-Jazz, well mir fréier mam Sascha Ley als Sängerin méi gefälleg Saache gemaach hunn. Mee déi Offere soe mir all of. Mir mussen nach ëmmer bengele goe fir däerfen ze spillen.

A.L.: Fir mech war den Optrëtt um Gaume-Jazz-Festival e Schlësselerliefnes. Do waren ëm déi 300 Leit, wahrscheinlech eise gréisste Publikum bis elo, an dat war e ganz kritesche Publikum, deen sech wierklech mat eiser Musek ausernee gesat huet. Dat ass einfach eng aner Satisfaktioun wéi wann d'Leit dech just lauschtere komme fir sech z'ameséieren.

J.J.: Do krute mer och deelweis fundéiert Kritiken, déi eis weiderbruecht hunn. An engem Artikel stung 'Dat ass interessant wat aus Lëtzebuerg kënnt, mee et ass och net ganz nei ...' Et ass awer interessant, déi Echoen ze kréien.

A seng Plack "Cold Rain" ze nennen, ass dat net e bëssen eng gewoten Uspillung?

J.J.: Dat soll net an éischter Linn eng Uspillung un den John Coltrane sinn, well mat deem wéilt ech mech ni moossen. Dat ass e Gott. Et ass éischter einfach en Hommage un den Jazz am Allgemengen. An den Numm spiggelt d'Ambiance vun der Plakk gutt erëm, e bësse kal ...

Am Moment huet een d'Gefill, dass am Jazz zu Lëtzebuerg vill geschitt, dass virun allem jonk Museker sech en Numm maachen, wéi den David Laborier oder de Michel Reis. Mierkt dir, dass äre Publikum och méi jonk gëtt?

J.J.: De Georges hat senge Schüler vun 2e eng Kéier als Aufgab ginn, op eise Concert ze kommen an dono eng Kritik ze schreiwen. Ech war wierklech iwwerrascht, wéivill einfach instinktiv verstanen hunn ëm wat et eis gaang ass.

A.L.: Et gi Leit, déi gi mat immens vill Virwëssen un den Jazz erun, an déi zéie sécher eppes aneschtes eraus, wéi déi, déi einfach op hiert Gefill ginn.

J.S.: Et muss ee guer näischt verstoen. Du solls d'Musek einfach nëmmen op dech wierke loossen.

Interview: Claudine Muno